Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 24. August 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Justizminister an den Här Verkéiersminister weiderzeleeden.

E Méindeg de 15. August koum et an Däitschland am Landkreess Reutlingen (Baden-Württemberg) zu engem déidlechen Accident mat engem autonomen Testauto. Déi zoustänneg däitsch Autoritéite sinn amgaang ze ënnersichen, wéi et zu dëser traureger Situatioun konnt kommen an ob de Chauffer all senge Fliichten nokomm ass, déi och an engem autonomen Auto weiderhi gëllen. Onofhängeg vum Resultat vun der Enquête weist sech awer, datt d'Froe vun der Haftbarkeet am Fall vun engem Accident mat engem autonomen Auto am Sënn vun der Rechtssécherheet vun all Bedeelegtem zäitno a kontrovers mussen diskutéiert ginn.

An deem Zesummenhang géife mir der Regierung gär dës Froe stellen:

1) Kann d'Regierung matdeelen, ob a wéi eng national juristesch Etuden zu der Responsabilitéit beim autonome Fueren aktuell virleien oder amgaange sinn ausgeschafft ze ginn? Kann d'Regierung kuerz de Schwéierpunkt vun dësen Etudë preziséieren a matdeelen, wéi eng betraffen Acteuren (ACL, Assurancen, Hiersteller, Konzessionären asw.) un deenen eenzele Projete bedeelegt sinn?
2) Kann d'Regierung matdeelen, ob a wéi eng national juristesch a sécherheetstechnesch Etuden zu der Responsabilitéit beim autonome Fueren virleien, déi sech mam spezielle Risiko vun engem Hackerugrëff op d'Software vum Auto befaassen, dee vum Chauffer respektiv dem Proprietär oder Detenteur net kann erkannt ginn aktuell virleien oder amgaange sinn ausgeschafft ze ginn? Kann d'Regierung kuerz de Schwéierpunkt vun dësen Etudë preziséieren a matdeelen, wéi eng betraffen Acteuren (ACL, Assurancen, Hiersteller, national Sécherheetsdéngschter asw.) un deenen eenzele Projete bedeelegt sinn?
3) Vill Lëtzebuerger Bierger kucken den autonomen Auto och ënnert aneren Aspekter. D'Fro stellt sech z.B. ob de Chauffeur an engem autonomen Auto dene selwechte Conditiounen ënnerläit, z.B. am Hibléck op Medikamenter, oder op Alkohol- oder Drogekonsum, wéi den an engem net autonomen Auto?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

Roy Reding
Deputéierten